Rapport vun eiser Assemblée generale vum 14ten November 2017

Vum Comité waren présent :

Ana Marques, Jorge De Sousa, Simone Frank, Linda Chrétien, Isabel Dos Santos Marques, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Alexandra Tarantini, Eliane Barthel-Wians

Entschëllegt waren : onsen neien Member den Cédric Jacques an den Schülercomité

Ufank : 18.00 Auer

Begréissung an den Aktivitéitsbericht

Mir waren frou den Här Christnach, Direkter vum LJBM, den Här Markus vun der Direktioun, d'Madame Christnach an den Här Dondelinger vun dem neien Proffecomité, den Här Schmit als Schoulschäffen vun der Gemeng Mamer, eis aktiv Comitésmemberen souwéi och déi interesséiert Elteren ze begréissen.

D'Eliane Barthel huet den Aktivitéitsbericht 2016/2017 virgestallt den folgenden war :

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen am
  - Conseil d'éducation
  - Commission de restauration
  - Commission de sécurité
  - Projet d'établissement

- Präsenz vun Comitésmemberen bei der Fapel
  - Ausbildungsprogrammer
  - Réuniounen an Seminairen
  - Assemblée gen .Fapel

- Subsiden
  - SPOS => 500 EURO
  - SPOS (cas exceptionnel) => 250 EURO

- HINTERGLEMM => 250 EURO
- HAMBURG => 350 EURO
- BERLIN => 250 EURO
- FRANKFURT => 190 EURO
- STRAßBURG => 140 EURO
- REMISE DES PRIX => 300 EURO
- FAPEL (Cotisatioun) => 150 EURO

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen
  - op der Remise des prix an der Diplom Iwwerreechung
  - Theaterowend
  - Dîner Nouvel An
  - Portes ouvertes
  - Informatiounsowender fir d'Elteren
  - Party Ljbm
  - Alles op de Velo

Rapport vum Trésorier dem Jorge de Sousa

Den Jorge huet eis séin Keessebericht 2016/2017 presentéiert wou alles an der Rei ass bis op 50 Cent déi aus irgendengem Grond ne toptauchen an déi awer vum Trésorier an Kees geluecht ginn sou datt Kees bis op den leschten Cent nees stemmt.

D' Revisoren hunn d 'Keess iwwerpréift an do war alles an der Rei.

D 'Assemblée huet dem Caissier duerch Klappen seng Décharge ginn an dem Jorge en groussen Merci ausgeschwaat fir seng gudd Aarbecht.

Den Stand vun eisen aktiven Memberen am Comité

D'Präsidentin Simone Frank huet dem Danielle Thiry-Blang Merci gesot fir hiert jorelaangt Engagement am Elterecomité. Sie bedauert datt Danielle lo als Grënnungsmember vum Elterecomité net mei dobäi ass.

Leider hun folgend Memberen den Elterecomité aus privaten Grënn oder well Kanner net mei am Mamer Lycée sinn verloos: Elvire Olinger-Ferber, Anouck Reisdorffer, Sophie Dreisbach, Bettina Vogel an Danielle Thiry-Blang.

Wat Situatioun am aktiven Comité betrëfft, sou hun mir 2 nei Memberen kritt an datt sinn:

Ana Marques an den Cédric Jacques.

Den Elterencomité vum Mamer Lycée besteet aktuell aus 12 Memberen. Et ass eng flott a wichteg Aufgab am Déngscht vun der schoulescher Educatioun vun den Kanner an wichteg fir ee Mateneen a Fireneen am Lycée ze garantéieren, duerch den gudden Dialog tëscht Proffecomité, der Direktioun an dem Elterecomité.

D'Wuert vun der Direktioun an dem neien Proffecomité

Den Här Christnach ass zefridden dat d'Letzëbuergeschcoursen déi seit September ugebudden ginn vun 30 Schüler besicht ginn.

An de Lycéen sinn elo 11 Klassen mat I-Pad équipéiert dat sinn 170 Kanner am ganzen. D'Schüler mussen 50 € Locatioun bezuelen.

Et ginn elo strukturell Ännerungen a Changementer am Conseil de discipline deen 3-4 Mol/Joer zesummekennt an aus 1-2 Memberen besteet. Et geet nach bestemmt wien vun den Elterenvertrieder mat an den Conseil kënnt. D'Madame Linster an den Här Pundel hun sech gemellt bei den Proffen an och als Elteren an d'Simone Frank an den Jorge de Sousa vum Elterencomité.

Vum Hierscht 2018 un gett et eng nei Sektioun op der Technique générale déi A3D heescht: A fir Architecture, 3 fir Design an Developpement durable.

Den Här Christnach verfollegt e wichtegen Objectif: 352 dat heescht 3 classique Klassen, 5 technique an 2 modullaire. Dat heescht konkret 15-20 Schüler méi op 7e classique.

Seit August kann e Sektiounen liicht emmodeléieren, waat och net schlecht ass.

D'nächst Joer op 7e get eventuell eng Méiglechkeet ugebueden vun enger journée continue

An zwar vun 14.20 bis 16 Auer: Sport an aner Aktivitéiten

Vun 16 bis 18 Auer: Hausaufgabenhëllef

Et leeft och de Projet: Sproochen + deen op 3 Enseignanten verdeelt ass. Deen erlabt et Schüler déi eng Schwächt am Daïtschen oder Franzéischen hunn a kléngen Gruppen ze betreien an den 3ten Prof verbessert dann de betraffenen Schüler hir Hefter. Mat dösem kléngen Grupp ass en Ausfluch fir en Dag am Ausland virgesinn, wou d'Schüler e Rallye mat engem I-Pad maachen an Leit mussen uschwätzen an der jeweileger Sprooch, sief et elo Daïtsch oder Franzéisch.

Seit September get et op Technique e Cours avancé a en Cours de base. De Cours avancé geet eréischt vun 40 un.

Et get nach eng Kéier op d'Differenzen higewissen vun den 2 Gremien: de Proffekomité ass lo opgedeelt an den Comité de la conférence du lycée an an eng Asbl. Den Comité ass an den eenzelnen Commissiounen an Conseil dran an d'Asbl ass zoustänneg fir Aktivitéiten wéi z.B. den Theater, de Chrëschtmaart, den Talentowend, den Prix Pierre Origer asw.

Den Här Schmit als Schoulscheffen well mat dem Mamer Lycée zesummeschaffen, hien félicitéiert d'Schüler fir hir gudd Resultater. Hien schwätzt vun engem lifelong Projet an hofft op eng besser Zesummenaarbecht mat Bartréng.

Et get och décidéiert d'Délégués de parents vun der Grondschoul ze invitéieren fir besser zesummenzeschaffen.

Divers

Wat d'Busverbindungen ubelaangt gouf et Problemer mat engém kléngen Minibus vun der Ligne 344, der Ligne Garnich.

De städtesche Bus vun der Ligne 28 deen bei d'Europaschoul fiirt, bréngt et och nach ëmmer net färdeg d'Schüler vum Mamer Lycée matzehuelen a virun döser Schoul eraus ze loossen.

Déi nächst Réunioun ass fir den 7ten Dezember um 19 Auer virgesinn wou och een Vertrieder vum SePas invitéiert ass.

Mir soen all eisen Memberen Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Enn 19.15 Auer